LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 14 octobre 2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

REÇU
Par Alff Christian , 11:29, 14/10/2020

**Objet :** Question parlementaire n°2815 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2815 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2815 vum 14. September 2020 vum éirewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert d'Verbrenne vu Gréngschnëtt**

D'Verbrenne vu Gréngschnëtt ass prinzipiell verbueden. Et handelt sech dobai ëm Offall an deemno ëm eng „incinération de déchets incontrôlée", wat dem Offallgesetz no verbueden ass. Derogatiounen zum Verbuet si keng am Offallgesetz virgesinn.

Aus phytosanitäre Grënn (z.B. Pilzbefall) kann awer a bestëmmte Fäll op d'Verbrennung zréckgegraff ginn. Am rechtleche Sënn handelt et sech dee Moment net ëm d'Verbrenne vun Offall (Gréngschnëtt), mee ëm eng sanitär Mesure am Kader vun der Bewirtschaftung.

Am Kontext vun dëse sanitären Mesuren ginn, je no Fall, d'Naturverwaltung, d'ASTA oder d'Wäibauinstitut sollicitéiert fir d'Präsenz vu geféierleche phytosanitäre Schädlingen u Gehëlzmaterial ze zertifizéieren. An dëse Fäll ass et ubruecht, dat betreffend Material op der Plaz ze verbrennen, fir eng Verbreedung vun Krankheeten beim Transport vum Gréngschnett ze verhënneren.

Wann d'Beloosse vun Heckeschnëtt oder anerer Biomass dozou féiert, dass ee geschütztene Liewensraum a sengem Erhalungszoustand riskéiert méi schlecht ze ginn, gëtt d'Naturverwaltung eng Hëllefstellung, wéi dat Offallmaterial am Beschte kann entsuergt ginn.